

Duerfir gëllt den Engagement vun der Regierung fir beim Accès à la justice déi Ëmsetzung vertikal, net horizontal, an deenen eenzelne Gesetzter elo ze preziséieren en sachant bien dass de Qualitéits-sprong, dee mer gemaach hunn, hei d'Transposition vun der Konvention vun Aarhus war, an haut ze preziséieren duerch e Recht wat de Bierger haut huet, fir Ëmweltinformatiounen bei alle staatlechen a parastaatlechen Entreprises ze kréien. Ech mengen, dat ass e Sprong no vir, deen allemol ver-déngt hätt, dass mer hei eng Unanimitéit gehat hätten.

Merci.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5217 ass ugehall mat 51 Jo-Stëmmen, bei 7 Absten-tiounen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Laurent Mosar), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par Mme Martine Stein-Mergen), Marc Spautz (par M. Patrick Santer), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), MM. Fernand Diederich (par M. John Castegnaro), Ben Fayot, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. Xavier Bettel (par Mme Colette Flesch), Niki Bettendorf (par M. Henri Grethen), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Camille Gira).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen dann zum Projet de loi 5445. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Oberweis, den Här Calmes, den Här Gira an den Här Mehlen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Negri.

Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

7. 5445 - Projet de loi portant approbation du Protocole sur les rejets et transferts de polluants, signé à Kiev, le 21 mai 2003

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Roger Negri (LSAP), rapporteur. - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, am Projet de loi 5445 gi mer gefrot dem Protokoll vu Kiev zouzestëmmen, dee sech

mat dem Enregistréiere vum Ausstouss an den Transfert vum Stoffen befaasst, déi der Ëmwelt schueden. Dëse Protokoll gouf den 21. Mee 2003 zu Kiev vun de Parteie vun der Aarhus-Konvention ënnerschriwwen am Kader vun der Informatiounspolitik, déi dës Konvention virgesäit.

D'Aarhus-Konvention hält dozou an hirem Artikel 5 iwwert d'Sammelen an d'Verbreed vum Ëmweltinformatiounen fest, dass déi Staaten, déi der Konvention ugehéieren, op nationalem Niveau e kohärent System aféieren, fir d'Donnéen iwwer Polluanten ze registréieren. Si sollen dëse System wa méiglech op internationalem Niveau ofgläichen a mat Hëllef vu standardiséierte Formulären dofir suergen, dass bestëmmten Entreprises, déi Schuedstoffer fräisetzen, regelméisseg Informatiounen mussen dozou ofginn ëm wat fir eng Offallstoffer et sech handelt an engem spezifische Beräich a wat domadder geschitt. Op Grund vun dësen Donnéeën soll dann e Regëster opgestallt ginn, dee fir de Public zougängeg ass.

Mat der Ratifizéierung vum Protokoll vu Kiev verflachte sech Staaten esou e Regëster no genau definierte Kritären unzeleeën. Fir d'EU-Länner ass dat net wierklech eppes ganz Neies, well si hu schonn e Regëster. Am Prinzip muss dee bestehende System deemno just ausgeweit an ugepasst ginn. Den neie Regëster heescht dann och net méi EPER, European Pollutant Emission Register, mä Pollutant Release and Transfer Register, kuerz PRTR genannt.

Bis elo ass et esou, dass d'EU-Direktiv 96/61/CE, déi méi bekannt ass ënnert dem Numm IPPC-Direktiv, Integrated Pollution Prevention and Control, an hirem Artikel 15 virschreift, dass d'Memberstaaten den Inventaire erstellen an d'Informatioun iwwert den Ausstouss vu Schuedstoffer a Verursacher un d'Kommissioun weiderleeden. All dräi Joer ginn dës Donnéeën da vun der Kommissioun veröffentlecht. Ënnert dem Numm EPER gouf op eng Décisioun vun der Kommissioun hin esou een europäesche Regëster geschaf, deen zënter Februar 2004 fonctionnéiert. Och wann dëse Regëster a villen Hisiichten de Fuerderunge vum Protokoll vu Kiev entsprécht, esou geet dëse Protokoll awer elo hei ee Stéck iwwert dat eraus wat d'EPER am Moment leescht.

Erfaasst ginn net nëmmen d'Emissionen a Loft an a Waasser, mä och d'Verschmutzung vum Buedem. Den EPER erfaasst am Moment 50 verschidde schiedlech Stoffen, den neie Regëster PRTR wäert der 86 erfaassen. Den EPER gesäit vir, dass bestëmmten Typen vun Entreprises, déi e bestëmmte Seuil vun Emissionen iwwerschneiden, mussen genau Informatiounen iwwert dës Emissiounen weiderginn. Dem Protokoll vu Kiev no sollen awer och aner Quelle vu schiedlechen Substanzen mat berücksichtegt ginn, wéi zum Beispill de Verkéier.

Den neie Regëster soll net nëmme méi all dräi Joer aktualiséiert a veröffentlecht ginn, mä all Joer. Nei ass och, dass d'Bierger beim Zesummestelle vun dësem Regëster sollen e Wuert kënnen matschwätzen. Fir dass de Protokoll vu Kiev op EU-Niveau kann ëmgasat gi mussen souwuel déi virdru genannten IPPC-Direktiv iwwert d'Vermeiden an d'Reproduzéiere vun Emissionen verännert ginn, wéi och déi modifizéiert Direktiv 91/689/CE iwwert d'gefäerlech Offallstoffer. Dës Ëmsetzung vum Protokoll vu Kiev wäert an deenen nächste Wochen iwwer en europäescht Reglement gemaach ginn, dat en integréierte Regëster fir den Ausstouss an d'Transfert vum ëmweltschiedlechen Stoffen schafft an den aktuellen EPER-System ersetzt.

Här President, wat bedeit dat do alles fir Lëtzebuerg? De Gesetzes-

projet 5445, deen elo hei virläit, gouf den 23. Februar 2005 an der Chamber deponéiert. Nom Statsrot sengem Avis vum 5. Juli gouf ech de 27. September als Rapporteur bestëmmt. De Rapport hunn ech der Ëmweltkommissioun den 20. Oktober presentéiert, wou en och adoptéiert ginn ass.

Aus dem Protokoll vu Kiev dränge sech um nationale Plang eng Modifikatioun vum Gesetz vum 10. Juni 1999 iwwert d'Établissements classés op, esou wéi de Statsrot dat och a sengem Avis festgehalen huet. Dëse respektive Projet de loi ass och schonn deponéiert ginn ënnert der Nummer 5453. Dem Statsrot säin Avis läit och scho vir a mir wäerten eis als nächst an der Ëmweltkommissioun domat befaassen, fir en hei an der Chamber kënnen esou séier wéi méiglech ze presentéieren.

D'Ëmsetzung vum Protokoll vu Kiev geschitt och am Kader vun enger Reform, déi de Bierger d'Ëmweltpolitik méi no bréngen soll. Fir si ass jo net méi déi komplizéiert Entstehungsprozedur wichteg, mä wichteg ass d'Resultat, wat herno dobäi erauskënnt.

Wa mer dat alles, wat mer elo gesot hunn a wat de Protokoll vu Kiev virgesäit, an d'Praxis ëmsetzen, wäert et fir d'Bierger ganz einfach sinn, sech doriwwer ze informéieren, wat fir eng Zort vun Aktivitéit wat fir eng schiedlech Substanzen fräisetzt an a wat fir enger Quantitéit. D'Bierger kënnen sech doriwwer informéieren, wat mat deene Substanzen geschitt a si kënnen aktiv dorun deelhuelen, dass déi Informatiounen, déi si do kréien, am Laf vun der Zäit nach méi komplett an nach méi einfach zougänglech sinn.

Mir hoffen op dës Manéier méi eng grouss Sensibilitéit bei de Leit fir dëse Sujet ze erreechen an domadder den Drock op d'Versacher vun der Ëmweltverschmutzung ze erhéijen, esou dass si sech verstärkt dorëm beméien hir Emissionen am Sënn vum Kyoto-Protokoll ze reduzéieren. Duerfir ass et och positiv, dass de Regëster, dee soll geschaf ginn, och diffus Quelle mat erfaasst, fir dass net den Androck entsteet, dass déi Dosen Entreprises, déi hei zu Lëtzebuerg concernéiert sinn, ganz eleng fir d'Verschmutzung vun eiser Ëmwelt verantwortlech sinn. Et geet eben net duer, dass een deenen Entreprises héich Ëmwelt-oilage mécht. Mir mussen et och fäerdeg bréngen, den Individual-verkéier, dee ganz wesentlech zu eisen héijen Emissiounen bäidréit, ze reduzéieren.

Heimat bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun a soenlech Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix. - Très bien!

M. le Président. - Merci, Här Rapporteur. Den éischte Riedner ass den honorabelen Här Oberweis. Här Oberweis!

Discussion générale

M. Marcel Oberweis (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, erlaabt mer am Ufank erëm eng Kéier dem Roger Negri Merci ze soe fir dee Rapport, deen hie gemaach huet, schréfflecher a mëndlecher Aart.

Mir hunn et hei de Mëtteg quasi mat der Ëmwelt ze dinne. Et geet ëm ee weidere Protokoll am Ëmweltschutz; et ass elo grad ausféierlech gesot ginn. An der Rumm vun der Aarhus-Konferenz zu Kiev ass et den 21. Mee 2003 zu dësem Unhuele komm. Am Ganzen hunn do 36 Länner matgemaach.

(Interruption)

Ech wëll et och kuerz maachen. Et ass scho viles hei gesot ginn. D'Haaptzil vum Protokoll besteet

an der Kreatioun vun engem nationale Register, dem sou genannte PRTR, an deen dann d'Emissionen an den Transfert vu schiedlechen Stoffen ageschriwwen solle ginn. Doduerch soll engersäits eis Natur viru geféierlechen Agrëffer geschützt ginn, an d'Matbierger sollen awer och méi ee groussen Abléck an déi sou genannten Ëmweltpolitik kréien.

86 schiedlech Stoffen, déi an déi natierlech Liewensressourcen: de Buedem, d'Waasser an d'Loft agefouert kënnen ginn, mussen an dee Register ageschriwwen ginn. Et läit hei op der Hand, dass de Public via déi modern Telekommunikatiounselementer, wéi den Internet, all déi Informatiounen gratis kann agesinn.

D'Informatiounen hunn ee villfältige Charakter. Engersäits d'Emissionen vun Treibhausgasen vun engem Betrib, d'Stoffer, déi fir de sauere Ree responsabel sinn, d'Fräisetzung vu Schwéiermetaller oder géftege Substanzen wéi Dioxin a Furanen. An doriwwer eraus sollen d'Matbierger och an de Prozess vun der Ausarbechtung vun dem Register agebonne ginn. Och dat ass hei nei.

An hirem Rapport schwätzt sech d'Chambre des Métiers zum Beispill duerfir aus, dass dëse Register vun de kompetenten Autoritéiten opgestallt soll ginn an net vun de Betriber. Déi wëllen awer hir Hëllef gäre mat erabréngen, well si si scho mat aneren Aufgaben iwwerlaascht.

Da kann een och an deem Zesammenhang drop hiweisen, dass een europäesche Register vun den Emissionen vu Schuedstoffer, den EPER, schonn zënter dem Joer 2004 besteet. Dee renseignéiert eis iwwer zwielef Betriber hei am Land an e weist och d'Donnéen iwwer zwielef Schuedstoffer aus. Sécher sinn et der nach méi, mä mir sollen emol ufänke mat den zwielef éischten, an da gesi mer virun.

De virleiende Protokoll vu Kiev gesäit, wéi gesot, d'Schafung vun dem nationale Register vir. Well dee Register méi Informatiounen opweise soll, kann deen anere Register, den EPER, elo iwwerholl ginn. Domat brauche mer och net d'Gesetzgebung iwwert de Kommodo-Inkommodo ze änneren, well all déi néideg Informatiounen ginn duerch dësen neie Register ofgedeckt.

Dee Punkt ass awer nach interessant, well et gëtt jo geschwat vun Emissionen a vun Transfert. Am Artikel 7 gëtt extra dorop higewisen, dass iwwert d'Tonnagé vun de Schuedstoffer Informatiounen mussen bruecht ginn. Sou muss zum Beispill all Betrib, deen am Joer iwwer zwou Tonne geféierlech Stoffen eraustransferéiert, dat mellen, oder awer een, deen 2.000 Tonnen aner Offäll am Joer produzéiert, muss duerfir suergen, dass säi Betrib domadder am Register ageschriwwen gëtt. Och muss gesot ginn, wat mat de Stoffen geschitt, wéi se recycled oder eliminéiert ginn.

Nach ee lescht Wuert zu der internationaler Kooperatioun. Dir wësst jo alleguerten, dass Lëtzebuerg e klengt Land ass, an all Emissioun oder Transferten, déi am Ausland emittéiert ginn, och bei eis hir schiedlech Wirkungen kënnen droen. Duerfir muss derfir gesuergt ginn, dass all déi Partner, déi dëse Kiew-Protokoll ënnerschriwwen hunn, all déi néideg Informatiounen iwwert d'Emissionen an d'Transferten erausginn an och austauschen. Iwwert déi international Gremie soll duerfir gesuergt ginn, dass de Public fir dës Thematik sensibiliséiert gëtt. An duerch d'Notzung vun den Ëmwelttechnologie muss den Ausstouss vu Schuedstoffer reduzéiert ginn.

Mir hu virdru gehéiert - dat ass jo elo wichteg fir eis Betriber -, dass déi scho vill Engagementer am Beräich vum Ëmweltschutz geholl hunn. Wéi vill Betriber kréien hei

am Land Ëmweltpräisser fir hir gutt Politik, déi se am Sënn vun der Ëmwelt an och vum Mënsch senger Gesondheet maachen?

Am Numm vun der CSV-Fraktioun bréngen och ech heimat den Accord a soe Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix. - Très bien!

M. le Président. - Merci, Här Oberweis. Den Här Calmes huet als Nächsten d'Wuert. Här Calmes!

M. Emile Calmes (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass just fir dem Här Rapporteur fir säi gudde schréfflechen a mëndlechen Rapport ze félicitéieren. Deem ass näischt méi bäizefügen. Et ass eben een Aarhus-Nomëtteg, dee mer haut hei hunn. Alles huet domat ze dinne. Do ka kee kommen a soen déi viereg Regierung hätt näischt gemaach fir dem Public...

Une voix. - Dat ass net richtig.

M. Emile Calmes (DP). - ...méi Informatiounen zouzegestoen. Wéi gesot, hei geet et ëm e Register, wou dann déi pollutant Rejeten alleguer sollen opgefouert ginn. Elo emol an enger éischter Phas um nationalen Niveau. Mä esou wéi ech iergendwou gelies hunn, soll dat Ganzt da jo an een europäesche Register iwwergoen, fir dat dann nach méi transparent a grenziwwerscheidend ze gestalten.

Wéi gesot, dat hei ass ee ganz gutt Gesetz an et geet an déi richteg Richtung virun. An deem Sënn kann ech den Accord och vun eiser Fraktioun zu deem Gesetz hei bréngen.

Merci.

M. le Président. - Merci, Här Calmes. Den nächste Riedner ass den Här Gira. Här Gira!

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG). - Här President, den Här Rapporteur a meng Virriedner hunn alles gesot. Ech bréngen just nach d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun.

M. le Président. - Merci, Här Gira. Den Här Mehlen kritt dann d'Wuert. Här Mehlen!

M. Robert Mehlen (ADR). - Här President, et ass net fir nach eng Kéier op de Continuum vum Gesetz anzegoen. Ech wëll och dem Rapporteur Merci soen. Ech hu vläicht eppes net richtig verstanen. An Ärem schréfflechen Rapport haalt Dir fest, datt: «En résumé une adaptation de la législation com-modo/incommodo n'est pas nécessaire et ceci pour les arguments suivants:», dann zielt Dir déi dräi op. Ech hu gemengt an Ärem mëndlechen Rapport wier duerchgedrongen, datt dat dann elo awer géng gemaach ginn, vu datt de Projet déposéiert wier. Iergendwou hunn ech gemengt, eng Kontradiktioun doran ze spieren. Vläch kënnt Dir eng Explikatioun dozou ginn.

Ech wëll awer generell soen, datt mir selbstverständlech och dëse Projet, dee sech an déiselwecht Linn wéi déi virdru areit, wäerte stëmmen.

Ech soenlech Merci.

(Interruption)

M. le Président. - Här Mehlen, Merci. Dann den Här Minister Lucien Lux. Här Lux!

M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement. - Merci, Här President. Ech wëll ganz kuerz der Chamber Merci soen, fir och dat heiten elo Aarhus-gerecht gestalt ze hunn. Ech mengen, dass d'Ëmweltverwaltung hei d'Aufgab huet fir dat esou schnell wéi méiglech ëmzesetzen.

Ech mengen, wat déi scheinbar Kontradiktioun, op déi den Här Mehlen nach higewisen huet, ugeet esou gëllt dat, wat am schréfflechen Rapport geschriwwen ginn ass, dass eng Ëmännerung

vum Kommodo-Inkommodo-Gesetz net noutwendeg ass. Ech mengen, dass et och esou verstanen war an ech hunn et och esou verstanen. Ech sinn duerfir frou, dass mir dat hei de Mëtten esou schnell konnten iwwert d'Bühn bréngen.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Minister.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5445 ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Laurent Mosar), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Lucien Thiel), Marc Spautz (par M. Patrick Santer), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), M. Fernand Diedrich (par M. John Castegnaro), Mme Lydie Err (par M. Marc Angel), M. Ben Fayot, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Jos Scheuer);

MM. Xavier Bettel (par Mme Colette Flesch), Niki Bettendorf (par M. Henri Grethen), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Camille Gira), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Félix Braz);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen dann zum leschte Projet fir haut de Mëtteg, dem Projet

de loi 5459 iwwert d'Gestioun vun den Offäll. Bis elo sinn ageschriwen: den Här Oberweis, den Här Calmes, den Här Gira an den Här Mehlen - all déi Orateuren, déi schonn de ganze Mëtte bei all deene Projeten ageschriwwen waren.

Fir d'éischt huet elo den attitréierte Rapporteur vun de Mëtteg, den Här Roger Negri, d'Wuert.

8. 5459 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 17 juin 1994 relative à la prévention et à la gestion des déchets

Rapport de la Commission de l'Environnement

■ **M. Roger Negri** (LSAP), *rapporteur.* - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, de Projet de loi 5459 iwwert d'Preventioun an d'Gestioun vum Offall steet am Zesummenhang mat dem zweete Volet vun der Aarhus-Konventioun.

Dëse Volet betrëfft d'Participatioun wéi gesot vum Public bei der Ausaarbechtung vu bestëmmte Pläng a Programmer am Ëmweltberäich op Basis vun der Direktiv 2003/35/CE. Déi EU-Direktiv fuerdert d'Afféierung vun einfache Prozeduren, déi et de Bierger erméiglechen u wichtegen Décisiounen, déi d'Ëmweltpolitik betreffen, deelezuelen. Wann deemno Pläng oder Programmer am Ëmweltberäich ausgeschafft ginn, mussen d'Bierger vun Ufank u mat agebonne ginn. Dat heescht, dass d'Informatiounen un de Public musse virleien, a wéi engem Zäitraum déi respektiv Pläng oder Programmer fäerdeg gestallt ginn, wéi d'Prozedure sinn a wat fir eng Verwaltungen domadder befaasst sinn.

Et muss kloergestallt sinn, wat fir eng Optiounen et gëtt a wat fir eng Argumenter fir a géint déi eng oder déi aner Variantë schwätzen. Dorausser muss sech fir de Public d'Méiglechkeet dann erginn, eege Virschléi ze maachen, déi an enger ugemessener Form berücksichtegt musse ginn.

Dës EU-Direktiv 2003/35/CE betrëfft eng ganz Rei vun Direktiven. Véier vun dësen Direktive betreffen den Offall, geféierleche Sondermüll, Batterien an Akkuen, Verpackungen a Verpackungsoffall. Fir d'EU-Direktiv 2003/35/CE an Nationalrecht ëmzesetzen, mussen mir ënner anerem dat modifizéiert Gesetz vum 17. Juni 1994 iwwert d'Preventioun an d'Gestioun vun Décheten änneren. Mir mussen den Artikel 5 vun dësem Gesetz

upassen, deen den nationale Plang an déi sektoriell Pläng fir d'Gestioun vum Offall betrëfft. Hei muss d'Participatioun vun de Bierger beim Ausschaffe vun dësem Plang mat ageschriwwen ginn.

Ech resüméieren elo kuerz, wéi déi Prozedur an Zukunft soll ausgesinn no dem neien Artikel, dee jo den Objet vun dësem Projet de loi 5459 haut ass. Just éischt ee Saz iwwert de Contenant: De Projet de loi 5459 gouf den 9. Oktober 2003 an der Chamber deponéiert. Nom Avis vum Statsrot vum 7. Mee 2005 sinn ech de 27. September als Rapporteur designéiert ginn an hunn och dëse Rapport den 20. Oktober an der Ëmweltkommission presentéiert, an dee Rapport ass och deeselwechten Dag adoptéiert ginn.

Zum Contenu vum Projet de loi 5459: Et ass esou, dass de Minister vun der Ëmweltverwaltung an enker Kollaboratioun mat anere Verwaltungen: de Gemengen, de Gemengesyndikater an anere Concernéierten, e Projet fir ee generelle Gestionsplang fir den Offall ausschaffe léisst. Dëse generelle Gestionsplang kann eng Rei vu sektorielle Pläng enthalen, déi ënnerschiddlech Zorte vun Offall betreffen. Den Entworf fir dee generelle Gestionsplang muss da veröffentlecht gi via Internet, awer och iwwert d'Publikatioun vun Extraiten a mindestens véier Lëtzebuerger Dageszeitungen. Vun deem Moment u kann de kompletten Dossier während zwee Méint vun allen Interesséierten agesi ginn.

D'Bierger hunn an deenen zwee Méint d'Méiglechkeet Umierkungen a Virschléi ze maachen. Dës Virschléi mussen an enger ugemessener Form berücksichtegt ginn. De generelle Gestionsplang an déi sektoriell Pläng mussen mindestens all fënnef Joer eng Kéier iwwerschaft ginn.

Wann et wichteg Ëmännerunge gëtt, wéi zum Beispill am Beräich vum technologesche Fortschrëtt, déi eng nei Form vu Gestioun méi sënnvoll maachen, mussen déi Pläng direkt adaptéiert ginn. Wann de generelle Gestionsplang an déi sektoriell Pläng deemno iwwerschaft ginn, mussen d'Bierger do nach erëm bedeelegt ginn, an zwar no darselwechter Prozedur, wéi ech se scho beschriwwen hunn. Dat modifizéiert Gesetz gesäit ausserdeem vir, dass all nei Gestionspläng och erëm via Internet a mat Hëllef vun anere Medië veröffentlecht ginn.

Wéi scho bei deenen zwee viregte Projekte sinn ech der Meenung, dass de Gesetzesprojet, dee mer

hei virleien hunn, net nëmmen dofir suert, dass mer eis den internationalen Normen, virun allem an Europa upassen, mä virun allem och dofir suert, dass d'Bierger fir den Ëmweltschutz sensibiliséiert ginn.

Op länger Siicht wäert et méiglech sinn, méi eng performant Ëmweltpolitik ze maachen duerch dës nei an transparent Approche am Ëmweltberäich. Heimat ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. le Président.** - Merci, Här Negri. Den éischte Riedner ass den honorabelen Här Oberweis.

Discussion générale

■ **M. Marcel Oberweis** (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, wéi de Rapporteur, de Roger Negri, elo grad erkläert huet, geet et an dësem Projet ëm d'Ofännerung vum Artikel 5 vun dem Gesetz vum 1994 iwwert d'Preventioun an d'Gestioun vum Offall.

Sou wéi et och aus dem schrëftleche Rapport ervirgeet, berout dës Modifikatioun op der Transposition vum der europäescher Direktiv, déi elo grad genannt ginn ass, enger vun dräi EU-Direktiven, déi d'Obligatiounen vun der Aarhus-Konventioun aus dem Joer 1998 ëmsetze sollen, enger Konventioun, déi net nëmmen d'EU ënnerschriwwen huet, mä och Lëtzebuerg, an déi mir de leschte Juli, nämlech den 13. Juli, hei an der Chamber ugehall hunn.

Duerch d'Aarhus-Konventioun an déi jeeweileg europäesch Direktive si mir verflücht d'Bierger ze encouragéieren, sech ze engagéieren, wann nei Pläng a Programmer ausgeschafft ginn, déi d'Ëmwelt betreffen. D'Bierger musse vu virerand informéiert ginn an d'Méiglechkeet och kréien, aktiv an d'Entscheidungsprozesser mat eranzeklammen.

Dëse Gesetzesprojet ass ee vun deenen éischten, wou de Prinzip vun der Participatioun vun de Bierger bei der Ausaarbechtung vu Pläng a Programmer am Beräich vun der Ëmwelt, also deen zweete Volet vun der Aarhus-Konventioun, ëmgesat gëtt.

Beim Projet de loi kréien déi interesséiert Leit net nëmmen d'Méiglechkeet, sech un der Elaboratioun vum generelle Plang iwwert d'Gestioun vun den Décheten ze bedeelegen, si kënnen och un der Ausschaffung vun de verschiddene sektorielle Pläng participéieren, déi am Kader vum generelle Plang er-

stallt ginn, wéi de Rapporteur elo grad erkläert huet.

Dofir gëtt den Artikel 5 op verschiddene Punkten deementspreechend ëmgeännert, esou dass déi interesséiert Bierger mat Zäit informéiert ginn an d'Méiglechkeet kréie sech aktiv um Entstehungsprozess ze bedeelegen.

Dat heescht ganz einfach, de Bierger gëtt - dat ass hei nei - ex ante via d'geschriwwen Press informéiert, wann een neie Projet am Beräich vun der Gestion des déchets virläit. Iwwert de Wee vun den neie Medië kann de Projet dann och consultéiert an debattéiert ginn. No der Publikatioun kann d'Öffentlechkeet sech aktiv un der weiderer Gestaltung an Ausleeung vun dëse Projekte bedeelegen, andeems all Interesséierte seng Bemerkungen a Suggestiounen direkt un de Ministère ka viruginn. Dës Bemerkungen a Suggestiounen sollen dann och an der Ausschaffung vun definitiver Pläng hiren Nidderschlag fannen.

Dës Virgehensweis ass ganz de Géigendeel vun haut, wou oft de Bierger eréischt am Nohinein, also ex post, zougelooss gëtt, wann de Gros vun den Entscheedungen schonns geholl gouf.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, während den Diskussiounen iwwert den EU-Verfassungsvertrag ass opgefall, dass d'Leit der Politik ganz dacks reprochéiert hunn, d'Entscheedungen géifen ëmmer hannert hirem Réck geholl ginn an dass hir Meenung eréischt da gefrot géif ginn, wann d'Déciounen schonns laang getraff wieren. Dofir fuerdere si eng méi grouss Transparenz a Participatioun bei wichtegen Entscheedungen.

Ech mengen, dëse Projet de loi hei ass een éischte Schratt fir eng méi participativ Demokratie. Duerch dëse Projet de loi kréien d'Leit dobaussen d'Chance, sech aktiv un der Ëmweltpolitik ze bedeelegen. Loosse mer hoffen, dass se dës Méiglechkeeten och elo benotzen an och ze notze wëssen. An dësem Sënn ginn ech den Accord vu menger Fraktioun a soe Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. le Président.** - Merci, Här Oberweis. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Calmes.

■ **M. Emile Calmes** (DP). - Här President, alles wat gesot ginn ass, ass richtig gewiescht bis elo. Och ech wollt dem Rapporteur Merci soe fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport a selbstverständlech den Accord zu engem Gesetz bréngen, wat och vun der



Chambre
des Députés
L U X E M B O U R G

d'Chamber live

Chamber TV

och an der Rediffusioun
all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op
www.chd.lu
mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live